Betrëfft: „Consultation dans le cadre de la révision de la loi sur l'intégration

Datum

Madamm Minister,

Merci fir Äre Bréif am Kader vun der Consultatioun, déi Dir iwwert d'Revisioun vum Gesetz iwwert d'Integratioun féiert. Ech erlabe mer hei e puer Iwwerleeungen zum Thema, déi och spezifesch an eenzele Kapitelen op déi Froen aginn, déi Dir an Ärem Schreiwes opwerft.

## *Visioun vun der Integratioun zu Lëtzebuerg*

D'Fro vun der Integratioun zu Lëtzebuerg ass relativ jonk a stellt sech eigentlech eréischt zënter der éischter aarbechtsbedéngter Immigratiounswell Enn vum 19. Joerhonnert. D'Minièren an d'Stolindustrie hunn do haaptsächlech eng däitsch, polnesch a massiv italienesch Zouwanderung bewierkt.

De Modell vun der italienescher Immigratioun mat enger Undeelegkeet, déi haut mat der portugisescher ze vergläichen ass, ass international a fir eist Land beispillhaft. Et ass och deen Deel dee geschichtschronologesch (duerch d'Aarbechte vum Père Benito Gallo) am beschte beluecht ass.

Si huet zu enger Integratioun gefouert, déi nom Zweete Weltkrich all hir Virdeeler gewisen huet mat engem Verschmëlze vun de Leit an engem Zesummeliewen, bei deem haut nëmmen nach i- an o-Endungen am Familljennumm un d'Origine vu Leit mat italienesche Wuerzelen erënneren.

Et war fir d'Land eng gutt Situatioun, an an där Eenheet hu mir an de 1960er a 1970er Joren e wirtschaftlechen Opschwonk gemeeschtert, deen eis eréischt zu engem räichen Industriestaat gemaach huet.

Och hei gëtt däitlech, datt dat Verschmëlze Spueren hannerléisst. Integratioun ass eng Beräicherung, well e Verschmëlzen net heescht, datt den Immigrant alles opgëtt, alles verléiert, wat hie gären hat oder wat hie kannt huet. Et ass zu Lëtzebuerg eng Erfollegsstory, an där ëmmer méi Mënsche mat italieneschen Originen eng ëmmer besser sozial Stellung gewonnen hunn. Och den italieneschen Afloss ass zu Lëtzebuerg omnipresent, an der Restauratioun an am Sport zum Beispill.

Et ass dat Verschmëlzen am „Melting Pot" dat een ënner Integratioun versteet.

## *Wat ass Integratioun*

Integratioun ass Mateneeliewen an enger Kultur, mat enger gemeinsamer Sprooch a mat gedeelte Wäerter. Et bedeit, datt nei Awunner sech hirer neier Heemecht upassen a mat de Leit vum Land liewen an interagéieren. Fir dat ze maachen, kréie si vun dësem Land all Hëllef, well deem seng Bierger si sech bewosst, datt si déi nei Awunner brauche fir datt hiert Land sech wirtschaftlech entwéckele kann. Integratioun am Kontext vun der Immigratioun ass e laangfristegt Zil, wou d'Efforten an d'Fortschrëtter, déi gemaach gi sinn, sech dacks eréischt an der zweeter oder der drëtter Generatioun weisen.

Den Ofschloss vum Integratiounsprozess ass d'Méiglechkeet, d'Nationalitéit unzehuelen an domat als verantwortleche Bierger och e politescht Matsproocherecht a senger neier Heemecht ze kréien.

## *Fir wat ass eng Integratiounspolitik gutt ?*

Eng Integratiounspolitik ass besonnesch wichteg, wann e Land eng grouss Immigratioun opweises huet. Integratiounspolitik soll d'sozial Kohesioun am Land garantéieren, doduerch, datt déi nei Awunner sech dem Liewensstil, de Manéieren, der Kultur vun hirem neie Land upassen. Fir hirt Land a seng Awunner besser kennenzeléieren, sollen dës Geleeënheet kréien, dëst Land a seng Kultur, Traditiounen, Gebräich a Wäerter besser kennenzeléiere mee och hir Kultur an hir Liewensëmstänn

ze presentéieren an anzebréngen. Zil ass, datt si sech mat hirer neier Heemecht, hirer Gesellschaftsform an hire Wäerter identifizéieren.
Minimalzil vun enger seriéiser Integratiounspolitik muss sinn, datt dee neie Resident sech esou séier wéi méiglech kann an der Nationalsprooch verstännegen. Och d'Beherrsche vun de Verwaltungssprooche muss gefërdert ginn.

## Wat fir eng Approche bei der Integratioun?

Mir sollten eng volontaristesch Approche vun der Integratioun hunn. Déi Persoun, déi an d'Land kënnt, soll de Wëllen hunn, sech ze integréieren, a sech bewosst sinn, datt do Eegeleeschtung an Energie derzou gehéiert. Ëmgedréit soll de Staat hir bei dëser volontaristescher Demarche hëllefen an hir all Moyen ginn, eist Land, eis Kultur, eis Wäerter an eis Sprooch kennenzeléieren. Besonnesch soll gekuckt ginn, datt Kanner aus der Immigratioun an eisem dräisproochege Schoulsystem hire Wee fannen. D'Sprooch ass kloer de Katalysator vun der Integratioun an de Schlëssel zu engem oppenen Zesummeliewen.

## Wien ass concernéiert a wat brauch hie fir dës Integratioun?

D'sozial Kohesioun vum Land ass zu Lëtzebuerg besonnesch wichteg, well eisen Territoire esou kleng ass, well eis Sproochesituatioun esou komplex ass a well eise politesche System eng grouss Partizipatioun vun auslännesche Residenten erlaabt. Mir kënnen eis keng Parallelgesellschafte mat verschiddene Sproochen, Gewunnechten a Kulturen erlaben.
Duerfir ass d'ganz Land concernéiert fir d'sozial Kohesioun ze erhalen. Well d'Immigratioun sech zënter den 1980er Joren aus ekonomesche Grënn generaliséiert huet an net méi op eng punktuell Awanderung vu bestëmmten Zilgruppe fir bestëmmte wirtschaftlech Secteure concentréiert ass, ass deen Thema nach méi wichteg ginn.
Den Haaptbetraffenen ass awer den Immigrant, dee sech muss bewosst sinn, datt hie sech muss upassen a säin neit Land muss kenneléieren. All aner Acteure kënnen him dobäi hëllefen.
Et gëtt och Leit (zum Beispill am Finanzsecteur op gehuewene Positiounen), fir déi Lëtzebuerg just eng international wirtschaftlech Dréischeif ass an déi fir kuerz Zäit hei an d'Land kommen, ouni datt fir si d'Noutwennegkeet vun enger Integratioun, sief et iwwert d'Sprooch oder anescht besteet. Och si sollen hei kënnen op e Wëllkomm zielen, an eis Méisproochegkeet ass och fir si e Garant vu Liewensqualitéit an eng Invitatioun um gesellschaftleche Liewen deelzehuelen.

## Gesetzleche Kader an Institutiounen

Jo, eise gesetzleche Kader an eis Institutioune ginn duer, esou wéi si sinn, wann all Méiglechkeete voll ausgenotzt a vum Staat ënnerstëtzt ginn! Allerdéngs gëtt et am Nationalitéitegesetz an am Aarbechtsplaz de Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch ze verbesseren.

## Wat fir Instrumenter, Moossnamen, Prozedure brauch eng koherent Integratiounspolitik

Integratioun ass e perséinleche Prozess, deen den Immigrant muss wëllen.
Bei den Instrumenter ass et wichteg, datt hien zu all Moment Accès zu Sproochecoursen huet fir eis Nationalsprooch ze léieren. Hie muss och kënnen eis Verwaltungssprooche léieren. Béides muss a flexiblen Horaire méiglech sinn an däerf net ze vill kaschten.
Eng Moossnam, un där et zu Lëtzebuerg definitiv feelt, ass d'Fërderung an d'Visibilitéit vun der Lëtzebuerger Sprooch. Vill Leit, déi an d'Land kommen, si sech net bewosst, datt et net duer geet, e

puer Wuert Franséisch ze schwätzen fir sech hei ze integréieren. Wéi sollte si sech deem bewosst sinn, wann hei esouguer eis Uertsbezeechnungen a Stroossennimm op Franséisch sinn.
Fir dës Integratioun virunzedreiwen a fir d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch ervirzesträiche wär eng wierksam Prozedur, d'Aarbechtserlabnes ze verknäppe mat der Obligatioun, bannent enger gewësser Zäit e gewëssene Sproochenniveau am Lëtzebuergesche virzeweisen.

## *Wat ass d'Roll vun de verschiddenen Acteuren: Regierung, Gemengen, Institutiounen, Federatiounen, Zivilgesellschaft, Bierger …?*

Der Regierung kënnt an der Integratiounspolitik eng Haaptroll zou. Si muss all déi aner Akteuren animéieren an op moraleschem a finanziellem Plang ënnerstëtze fir d'Integratioun an d'Verbreedung vun der Lëtzebuerger Sprooch. Mat de Gemenge dréit si d'Verantwortung fir d'Verbreedung vum Lëtzebuergeschen an der dagdeeglecher Kommunikatioun an am Ëmgang mat der Administratioun.
Et wär sécher méi effikass, Veräiner op Gemengenniveau matzehuele wéi iwwert den Ëmwee vu Federatiounen. D'Zivilgesellschaft ass engersäits gefuerdert fir op alle Niveauen d'Bild an den Heritage vu Lëtzebuerg virunzeginn. Am associative Liewen ass och d'Plaz, fir d'Erënnerung an d'Fleeg vun de kulturelle Wuerzele vun den neie Residenten.
D'Bierger vu Lëtzebuerg waren a sinn op fir neie Residenten ze hëllefen esou laang d'Kommunikatioun méiglech ass. D'Oppenheet vu Lëtzebuerg ass eng Konstant … wat wichteg ass, ass de Wëllen zur Integratioun vun de Leit, déi hei hi kommen.

Esou wäit meng Iwwerleeungen zu dësem Thema, mat der Hoffnung mat dësem Text Dech an de „collège échevinal“ an ärer Aarbecht gutt ze ënnerstëtzen.